Lëtzebuerger Guiden a Scouten




# Formatioun 'Eischt Hëllef an der mentaler Gesondheet'

| | |
|---|---|
| **Fir ween** | all interesséiert Chef:tainen |
| **Formateur(en)** | Anthon Christophe, Kemp Martine, Schmit Matthieu |
| **Wou** | Géisserei |
| **Wéini** | **20. Abr 2026 17:30** bis **18. Mee 2026 21:30** |
| **Umeldung bis** | 18/04/2026 op https://chefbox.lgs.lu/portal/formatioun/umellen/193/ |
| **Kategorie** | Formation Continue |
| **Typ** | Diskussiounsronn, Dobannen |
| **Beschreiwung** | Eis éischt Hëllef Formatioun an der mentaler Gesondheet wäert den:<br>- Méindes den 20. Abrëll<br>- Méindes den 04. Mee<br>- Méindes den 11. Mee<br>- Méindes den 18. Mee<br><br>Ëmmer vun 17:30-21:00 an der Géisserei stattfannen. Déi Léit, déi wëllen drun deelhuelen mussen déi 4 Deeg präsent sinn.<br><br>Bei den Éischthëllefscoursen an der mentaler Gesondheet solle Kompetenzen opgebaut ginn, fir ze gesinn oder ze mierken, wann e Member am noen Ëmfeld, sief dat an der Famill oder bei den Guiden a Scouten psychesch Schwieregkeeten huet, fir da Vertrauen ze schafen, fir him weider Hëllefsméiglechkeeten ze proposéieren.<br><br>D'Course funktionéieren änlech, wéi déi scho bekannten Éischthëllefscoursen, et gëtt sech awer net op déi kierperlech Gesondheet, mee op déi psychesch Gesondheet fokusséiert. |
| **Ziler** | Wëssen:<br><br>D'Participantë kennen:<br>- d'Zeechen an d'Symptomer vun de meescht verbreeten a belaaschtende psychesche Stéierungen am Jugendalter<br>- d'Heefegkeet an d'Auswierkunge vu psychesche Stéierunge bei jonke Mënschen<br>- ROGER, déi 5 Schrëtt vun den éischte mentalen Hëllefsmoossnamen<br>- d'Moossname vun den éischte mentalen Hëllefsleeschtungen am Fall vun enger psychescher Kris.<br><br>Fäegkeeten:<br><br>D'Participanten si capabel:<br>- déi éischt Zeeche vu Problemer an der mentaler Gesondheet bei engem Jugendlechen z'erkennen<br>- e jonke Mënsch ouni Virurteeler unzeschwätzen<br>- déi néideg éischt Hëllef ze leeschten, wann e jonke Mënsch psychesch Problemer huet oder eng Kris duerchmécht<br>- der jonker Persoun gëeegent Behandlungen an aner Forme vun Ënnerstëtzung ze vermëttelen.<br><br>Haltung: |

E grousse Merci un eis Sponsoren

Lëtzebuerger
Guiden a Scouten

| | |
|---|---|
| | D'Participanten:<br>- erkenne stigmatiséierend Astellungen, hannerfroen a reduzéieren dës<br>- lauschteren engem jonke Mënsch mat psychesche Problemer mat Empathie no a kommunizéieren op eng oppen a virurteelsfräi Aart. |
| **Inhalt** | Den Éischt-Hëllef-Cours fir psychesch Gesondheet YOUTH vermëttelt Basiswëssen iwwer psychesch Krankheeten a Krisen am Jugendalter. D'Participantë léieren d'Unzeeche vu psychesche Problemer fréi z'erkennen, se ouni Jugement unzeschwätzen an déi betraffe jonk Persounen zu professioneller Hëllef z'encouragéieren.<br>- psychesch Krankheeten, déi behandelt ginn:<br>* Depressioun<br>* Angschtstéierungen<br>* Substanzkonsumstéierungen<br>* Psychose<br>* Iessstéierungen<br>- psychesch Krisen, déi ugeschwat ginn:<br>* Suizidgedanken a suizidaalt Verhalen<br>* Panikattacken<br>* traumatescht Evenement<br>* schwéier psychotesch Episod<br>* schwéier Follge vu Substanzkonsum<br>* aggressiivt Verhalen<br>* selbstverletzend Verhalen (ouni Suizidabsicht).<br>- vermëttelt Kompetenzen:<br>* Basiswëssen iwwert d'Heefegkeeten an den Impakt vu psychesche Krankheete bei Jugendlechen<br>* Unzeechen a Symptomer vun den heefegsten an aschneidendste psychesche Krankheeten am Jugendalter<br>* Iwwerbléck iwwert déi verschidde Behandlungsméiglechkeeten<br>* ROGER, déi 5 Etappe vun der psychescher éischter Hëllef<br>* Éischt-Hëllef-Moossname fir psychesch Krisen. |
| **Präis & Bezuelen** | 50.00 € Am Viraus<br>Bezuelinfos hues de an der Rechnung stoen. |